


Groussen Asaz mat ronn 23 000 Euro belount

D'Semaine Follereau an der Privatschoul Fieldgen war nees en Erfolleg



Mat de Sue finanzéiert d'Fondatioun Follereau Luxembourg e Projet am Mali.

Lëtzebuerg. Zënter iwwer 60 Joer organiséiert d'Privatschoul Fieldgen d'Semaine Follereau zu Gonschte vun engem Projet, dee vun der Fondation Follereau gedroe gétt. Ufanks wor et fir de Kampf géint d'Lepra a verschiddene Länner z'ënnerstëtzen. Haut bleift de Grondgedanke weider

bestoe fir Leit, déi aus der Gesellschaft ausgeschloss goufen, et ze erméiglechen de Wee zréck ze fannen an ee wierdegt Liewe kënnen ze féieren. Dëst Joer hunn d'Schüler an d'Schülerinne vum Fieldgen nach eemol groussen Asaz gewisen a fir de Projet Formation professionnelle zu Ségou

am Mali 22 913 Euro gesammelt. Dëse Montant erméiglecht eis, d'Käschte vum Projet fir 2018 ganz ze decken an soumat ze garantéieren, datt déi verschidden Aktivitéiten, déi virgesi woren, kënnen ausgefouert ginn.

*Fondation Follereau
Luxembourg via mywort.lu*